# Quick Start Guide - Energy Sharing Community

Sou liest Dir Är Zuelen op renergy.lu

Dëse Guide erkläert op e puer Säiten, wat Dir op renergy.lu gesitt: den ëffentleche Site, deen jiddereen kucke kann, an Är eege Zuelen ënner „Meng Energie“ nom Aloggen.

Energy Sharing Community · Versioun 1.2 · 15.08.2026

## 1. Wat ass eng Energy Sharing Community?

Eng Energy Sharing Community ass eng Energiegemeinschaft: Memberen déi eng Photovoltaik-Anlag hunn deelen de Stroum, deen se net selwer verbrauchen, mat den anere Memberen aus der Gemeinschaft.

Dir kaaft de gedeelte Stroum bei der Gemeinschaft — zu engem Präis dee besser ass wéi de Stroum aus dem Netz. De Stroum deen net gedeelt gëtt kritt Dir wéi bis elo vun Ärem Fournisseur.

Alles leeft iwwer Äre Compteur (Smart Meter) an d'Wäerter ginn op der Energieplattform Leneda automatesch ofgelies. Dir musst näischt installéieren, näischt androen an näischt selwer ausrechnen.

## 2. De Site renergy.lu

De Site ass ëffentlech — dës Säite kann jiddereen kucken, och ouni Kont.

- Communautéiten — all Gemeinschaften déi um Site sinn
- Sou funktionéiert et — d'Prinzip vum Energie-Sharing
- Schätzung — wéivill kéint Dir spueren
- Kont — hei loggt Dir Iech an fir Är eege Zuelen



D'Startsäit vu renergy.lu

## 3. D'Communautéiten

Ënner „Communautéiten“ gesitt Dir all ëffentlech Gemeinschaften mat hirem Code (z. B. CR00006609) an der Zuel vun de Memberen. Mat engem Klick kommt Dir op de Profil vun der Gemeinschaft.



D'Lëscht vun de Communautéiten

## 4. De Profil vun ärer Gemeinschaft

Um Profil gesitt Dir wéi d'Gemeinschaft am Ganze steet. Keng Nimm, keng Adressen — nëmmen d'Zuelen.

- Memberen a Produzenten — wéi vill matmaachen
- Produktioun (kWh) — wat d'Anlagen an d'Netz ageespeist hunn
- gedeelt an (kWh) — wat bei de Memberen ukomm ass
- Sharing-Ofdeckung — wéi vill Prozent vum Verbrauch aus der Gemeinschaft kënnt
- Produzent an Ärer Géigend? — Dir gitt eng Adress an, mir kucken ob e Produzent bei Iech an der Noperschaft ass (ACR selwecht Gebai, AC1 ≤ 100 m, CEL ≤ 300 m)
- Wéivill kënnt Dir spueren? — eng Schätzung vun Ärem Virdeel pro Joer
- Kaart — all Member als Punkt, gréng fir privat, orange fir Betriber. Keng Nimm, keng Adressen.



D'Zuele vun der Gemeinschaft an d'Sich no engem Produzent an ärer Géigend

## Wéivill kënnt Dir spueren?

Schätzt Ären järleche Virdeel als Member vun dëser Community

**Sharing-Niveau**

**Dir sidd**

Verbraucher | Produzent

Lokalen Niveau (Noper oder <300m) (L2/L3) | Community - nationalen Niveau (L4)

**Är järlech Energie (kWh)**

4474

# ≈ 192 €

geschate Erspuernes pro Joer

Richtwäert op Basis vun den duerchschnëttleche Tariffer vun dëser Community. Lokaalt Sharing (L2/L3) spuert d'Netzkäschten; um nationalen Niveau (L4) falen d'Netzkäschten weider un.

## Energie- & Membertrend

Balken: Verbrauch, Produktioun, Shared in, Shared out (kWh) · Linn: ageschriwwwe Memberen

Bemierkung: Am reschtlechen Dashboard zielt just d'Community-Schicht (Layer 4). Hei sinn zousätzlech d'lokal Schichten 1–3 dran — dofir kann „gedeelt eraus" méi grouss si wéi „gedeelt eran": déi Energie geet u lokal Gruppen ausserhalb vun der Gemeinschaft.




## Communautéitskaart

● Privat ● Business




## Iwwer dës Communautéit

Mir verbannen Privatleit a Betriber iwwer ganz Lëtzebuerg a maachen aus lokal produzéierter Energie e Gewënn fir Produzenten a Verbraucher.

## Communautéitsdetailer

| | |
|---|---|
| **E-Communautéitscode** | CR00006609 |
| **Statistikzäitraum** | Last 30 days |

⚡ **220'223.0** kWh communautéitswäit an den leschten 30 Deeg verbraucht

D'Schätzung vun de Spueren, den Trend an d'Kaart vun der Gemeinschaft

## 5. Meng Energie — nom Aloggen

Nom Aloggen fannt Dir ënner „Meng Energie“ Är eege Zuelen. Uewen wielt Dir de Zäitraum an, wann Dir méi ewéi ee Compteur hutt, de POD.

Wichteg: wat Dir hei gesitt hänkt dovun of, ob de Responsabele vun der Gemeinschaft als Vertrieder Accès op Äre Leneda-Kont huet.

- Mat Accès: Dir gesitt ALL Är eege Zuelen — Verbrauch, Produktioun, Netzimport, Verbrauchergewënn a Produzentegewënn.
- Ouni Accès: d'Zuele sinn op GEDEELT AN a GEDEELT ERAUS limitéiert. E Verbraucher- oder Produzentegewënn kënne mir dann net berechnen.




| | JAN | FEB | MAR | APR | MAY | JUN | JUL | AUG | SEP | OCT | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Consumption | 178 | 157 | 157 | 147 | 133 | 132 | 133 | 43 | — | — | — | — |
| Shared with you | 2% | 11% | 45% | 58% | 59% | 65% | 70% | 61% | — | — | — | — |

„Meng Energie“ mat de Filteren uewen an den Zuelen dropënner

## 6. D'Zuelen am Detail

Dropënner stinn d'Grafiken: Mount fir Mount, den deegleche Floss, den Energiemix, de Gewënn pro Dag an — wann d'Donnéeë do sinn — den Detail pro Véierelstonn.

- Verbrauch — wat Dir am gewielten Zäitraum verbraucht hutt
- Produktioun — wat Är Anlag an d'Netz ageespeist huet (Leneda weist d'Netzaspeisung)
- Empfangen (Sharing) — wat Dir aus der Gemeinschaft kritt hutt
- gedeelt eraus — wat Dir un aner Memberen ofginn hutt
- Netzimport — wat Dir nach klassesch aus dem Netz gezunn hutt
- Sharing-Ofdeckung — wéi vill Prozent vun Ärem Verbrauch aus der Gemeinschaft kënnt
- Verbrauchergewënn — wat Dir op de gedeelte kWh spuert géintiwwer Ärem Netztarif
- Produzentegewënn — wat Dir als Produzent méi kritt wéi um Marché




Deegleche Floss, Energiemix, Gewënn pro Dag an 15-Minutten-Detail

## 7. Ären Energiebericht per Mail

Dir kënnt Iech Är Zuelen och per Mail schécke loossen. Wéi oft, entscheet Dir selwer: op MyEnergy, ënnen op der Säit, am Block „Energierapport per Mail“.

Am Bericht stinn Är Produktioun an Äre Verbrauch, wat an d'Communautéit gedeelt gouf, de finanzielle Virdeel an de Verglach mat der Period virdrun. Beim Trimester a beim Joer kommen d'Méint zousätzlech eenzel opgelëscht. D'Berichter ginn ëmmer den 5. vum Mount verschéckt.

- All Mount — ee Mount pro Mail
- All Trimester — dräi Méint zesummen
- All Joer — zwielef Méint zesummen
- Guer net — dann kritt Dir keng Mail; am Portal bleift alles sichtbar
- Do wielt Dir och d'Sprooch vun de Mailen: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch oder Englesch


renergy.lu
Stroumdeelend Communautéit

2. TRIMESTER 2026

## Ären Energiebericht

Moien, hei ass Är Zesummefaassung fir 2. Trimester 2026 fir 2 Messpunkte op renergy.lu.

VERBRAUCH
[illegible]

PRODUKTIOUN
[illegible]

EMPFANG (SHARING IN)
[illegible]

GEDEELT (SHARING OUT)
[illegible]

VIRDEEL GÉIGENIWWER ENERGIEPROVIDER RESP. SOLARMARCHÉ
[illegible]

Verbraucher: Communautéitstarif am Verglach mam Energieprovider. Produzent: Communautéits-Verguedung am Verglach mam Solarmarché.

### Nom Mount

| Mount | Verbrauch | Shared-in | Produktioun | Gedeelt | Virdeel |
|---|---|---|---|---|---|
| Abräll 2026 | [illegible] | [illegible] | [illegible] | [illegible] | [illegible] |
| Mee 2026 | [illegible] | [illegible] | [illegible] | [illegible] | [illegible] |
| Juni 2026 | [illegible] | [illegible] | [illegible] | [illegible] | [illegible] |

Uewen am Bericht: d'Gesamtzuelen an de finanzielle Virdeel




Ënnen: de Verglach mat der Period virdrun an d'Zuelen no Messpunkt

## 8. Wat sinn dës Zuelen net?

- Et ass keng Rechnung. D'Rechnung fir de Stroum deen NET gedeelt gëtt kritt Dir wéi bis elo vun Ärem Fournisseur. Fir de gedeelte Stroum kritt Dir all Mount eng Rechnung oder eng Note de Crédit vun e-community.
- De Solar-Marktwäert vum leschte Mount gëtt eréischt 7 bis 10 Deeg no Enn vum Mount publizéiert. Bis dohin rechne mir mam leschte publizéierte Mount — um Dashboard steet dann en Hiweis.

## 9. Froen?

Schreift mir, ech äntweren.

René Jungbluth — renjungbluth@gmail.com

ECOM Jungbluth - Family, Friends & Companies